



déli gréng Kielen
2, am Pammelt
L-8390 Nospelt
kielen@greng.lu

Nospelt, de 28. Mee 2023

Schäfferot vun der Gemeng Kielen
15, rue de Mamer
L-8280 Kielen

Dir Hären,

Konform zum Artikel 25 vum Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 an zum Artikel 5 vum Règlement d'ordre interne vum Kielemer Gemengerot vum 26. Januar 2018 erlabe mir eis heimadder lech schrëftlech eng Fro ze stellen:

Säit geraumer Zäit sinn zu Kielen an der Kéier beim fréiere Café Bouchart, beim haitege chinesesche Restaurant, plastik Pottoen opgeriicht ginn fir dem Chauffeur eng visuell Leitplank ze ginn an domadder ze verhënneren dass an dëser Riets-Kéier geschnëppelt gëtt an domadder ass kloer an däitlech dem Foussgänger seng Sécherheet verbessert ginn. Mir begréissen dës Initiativ, mee mir froen eis firwat net op anere Plazen ähnlech verfuer gëtt fir dem Foussgänger seng Sécherheet ze verbesseren?

Mir denken do u verschidde Plazen, dorënner:

- An der *Rue de Mamer zu Kielen*, an der Kéier virun der „Résidence Chez Laure“: och do gëtt geschnëppelt, obschons de Radius vun der Kéier do vill méi grouss ass.
- An der *Rue de Capellen zu Ollem*, virun allem (awer net nëmmen) an der liichter Kéier nom Restaurant „Beim Spuenier“.
- An der *Rue de Keispelt zu Meespelt*: och do gëtt zum Deel iwwert den Trottoir gefuer, do sinn et just keng Camionen déi op dëser Plaz iwwert den Trottoir fueren.
- ...

Mir stellen eis d'Froen ob et net opportun wier och op e puer anere Plazen esou Pottoen um Rand vum Trottoir opzeriichten fir domadder d'Gläichbehandlung vun alle Bierger an der Gemeng ze garantéieren an och wat déi genee Konditiounen sinn fir iwwerhaupt dierfen esou Pottoen opzestellen.

Merci villmools fir är Äntwert, mat grénger Gréiss,

Larry Bonifas
Conseiller

André Noesen
Conseiller